LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vun der Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°1529 vum 18. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen**

De Lëtzebuerger Staat ass net a Bitcoin oder soss eng Kryptowärung investéiert.

D'Caisse de Consignation acceptéiert säit ronn engem Joer Consignatioune vu Bitcoin an anere Kryptowärungen. Momentan huet vun dëser Méiglechkeet just de Bureau de Gestion des Avoirs (BGA) Gebrauch gemaach.

De BGA huet follgend saiséiert Kryptowärungen an der Gestioun:

- 0,61921683 BTC
- 47,17010743 ETH (Ether)
- 4,5274 BCH (Bitcoin cash)
- 30,30584347 FLR (Flare)
- 64,66048809 FTT
- 0,79561458 XRP (Ripple)
- 30,03801736 SGB (Songbird)
- 2167,57836266 DAI

Déi saiséiert Kryptowärunge gehéieren net dem Staat, mä gi just vum BGA opbewaart bis d'Justiz definitiv entscheet huet, ob se restituéiert oder confisquéiert ginn.

Am Laf vum Joer 2024 huet de BGA 0,02877164 confisquéiert BTC fir 1.554,04 EUR verkaf. Déi Zomm ass un de *Fonds de lutte contre certaines formes de criminalité* iwwerwise ginn.

Rezent huet de BGA 4,5274 saiséiert BTC fir 401.502,32 EUR verkaf. Déi Zomm gëtt bei der Caisse de consignation bis op Weideres opbewaart.

Wat Transaktioune vu Bierger an Entreprisen uginn, sou huet de Staat keng Donnéeën doriwwer.

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth